# Rapport Referees' Commission – 10.09.2024

Present : Geib, Keiffer F., Keiffer N., Nesser, Simonelli, Weinquin, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Frieseisen, Kröpelin, Volz

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 23.04.2024***

2) ***Demissioun Sabien Weber – neie Member Denis Weinquin***

*De Sabien Weber muss leider, aus zäitleche Grënn, seng Aufgaben an der RefCom nidderleeën. D'RefCom seet dem Sabien Merci fir seng wäertvoll Aarbecht déi hien an de leschte Jore gemaach huet.*
*Als Nofollger huet de Sabien säi Päifpartner den Denis Weinquin virgeschloen, fir dass weider een erfuerenen Arbitter an der RefCom matschafft, deen d'RefCom och nach juristesch berode kann. Den Denis ass ouni Géigestëmm ugeholl ginn.*

3) ***Spiller zu Lëtzebuerg, Arbitter am Ausland***

*D'RefCom krut eng Ufro aus Frankräich, fir e Spiller, den zu Lëtzebuerg spillt, awer nach wëll heiansdo a Frankräich päife goen. D'RefCom akzeptéiert dës Demande, huet awer präziséiert, dass de Spiller dat muss mat sengem Veräin ausmaachen. Well d'Refcom schonn e puer Mol Franséisch Arbitter op Turnéier agelueden huet, awer nach kee Retour krut, kritt hie keng Arbitterlizenz zu Lëtzebuerg, soulaang hien nach a Frankräich aktiv ass.*
*De Franséische Verband, wéi och de Spiller, goufen informéiert.*

4) ***SBO-Chrono***

*SBO/Chrono Coure fir Ufank der Saison si virgesinn :*
*Mëttwochs, den 9. Oktober 2024 vun 19h00 bis 21h30 op Lëtzebuergesch*
*Samschdes, den 12. Oktober 2024 vun 09h30 bis 12h00 op Lëtzebuergesch*
*Donneschdes, de 17. Oktober vun 19h00 bis 21h30 op Franséisch*
*D'Coure sinn all Kéiers an der Maison des Sports (3, route d'Arlon 8099 STRASSEN)*

5) ***Arbitter B-Schäin***

*Virun e puer Joer gouf de B-Schäin (cycle moyen) fir HandballArbitter ofgeschaaft. D'RefCom huet an de lëschte Formatiounen awer gemierkt, dass den Ënnerscheet vun engem C-Schäin op een A-Schäin ze grouss sinn, a wäert kucken den Cycle moyen (B-Schäin) nees anzeféieren. De Patrick Simonelli hëlt dowéinst Kontakt mam INAPS op.*

6) ***Indemnités Arbitrage***

*D'RefCom huet gemierkt, dass bei den „Indemnités d'arbitrage" déi nei Kategorien, respektiv Spillzäiten net berücksichtegt sinn. Dofir proposéiert d'RefCom eng Upassung vun der Lëscht.*
*Tarif FU15 selwecht wéi GU15 – den Tarif Turnéier gëtt elo 3.25 € / 5 min.*
*Nei Tariffer:*
*U11 – 20 € an 2.80 € fir Turnéier*
*Promotion Hommes Titre – 65 €*
*Promotion Hommes Classement – 60 €*
*Turnéier vu Femmes réserves – 4.00 €*
*Och misst den Tarif fir ee Mëttegiessen op 20 € gehéicht ginn.*
*D'RefCom bestätegt dann och, dass den Tarif fir d'Supercoupe de selwechten ass wéi de vun der Coupe Finall.*
*D'RefCom freet den CA dëst ze validéieren.*

7) ***Examen C-Kandidaten***

*D'theoretesch Examen fir den C-Schäin si Samschdes den 28. September 2024 um 10h30 an der Maison des Sports zu Stroossen (3, route d'Arlon 8099 STRASSEN)*
*D'Kandidate sinn all ageluede ginn.*

8) ***Arbitteraustausch mam Ausland***

*Duerch Kontakter déi déi lescht Joren entstane sinn, probéiert d'RefCom hiren Austauschprogramm mam Ausland weider auszebauen. Hei goufe scho Gespréicher mat Estland, Dänemark an Holland gefouert. D'Detailer komme wann dat méi konkret gëtt.*

9) ***Manktem un Arbitter.***

*D'RefCom huet festgestallt, dass fir dës Saison just ronn 45 Arbitter ugemellt sinn. Dovunner sinn der eng gutt Doze pro Weekend net disponibel, wat e grousse Problem fir d'Besetzungskommissioun ass. Ganz oft hänkt et och un den Arbitter selwer, déi verschweessen déi néideg Infoen matzäit eranzeschécken.*
*Den Denis Weinquin wäert d'Arbitter op dës Problematik opmierksam maachen. D'RefCom wëll awer betounen, dass d'Méiglechkeet besteet, dass verschidde Matcher wéinst Manktem un Arbitter musse verréckelt ginn.*

10) ***Arbitrage Frëndschaftsmatcher***

*Refcom rappeléiert de Veräiner dass si d'Frëndschaftsmatcher musse bis spéitstens 8 Deeg virum Datum umelle, falls si Arbitter brauchen. Wann d'Veräiner sech selwer Arbitter organiséieren, sollen si eng kuerz Mail, mat de Donnéeë vum Match an de Nimm vun den Arbitter, un arbitre@flh.lu schécken.*

11) ***Neie Buedem zu Bouneweg.***

*De Francis Keiffer huet den neie Buedem an d'Linnen zu Bouneweg an der Hal kontrolléiert. Hei ass alles an der Rei.*

12) ***Nei wäiss Arbitter Uniformen***
*Vill Arbitter hunn nach ëmmer keng nei wäiss Uniform. Si si gebieden dës esou séier wéi méiglech um Siège vun der FLH ofzehuelen. W.e.g. virdrun e RV ausmaachen.*

**Nächst RefCom: Dënschdes de 15. Oktober 2024 um 18h30 zu Stroossen**